N°1751
Entrée le 09.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 10.01.2025 Chambre
des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Familljen, wou béid Elterendeeler schaffen, sinn op d'Kannerbetreiung ugewisen, entweder an enger Crèche, enger Maison Relais oder mat engem Assistant parental.

De Staat ënnerstëtzt d'Familljen finanziell hei mam Chèque-service Acceuil (CSA), deen fir vill Familljen ee groussen Deel vun de Käschten iwwerhëllt.

Fir den CSA ze kréien, mussen d'Familljen d'Demande op der Gemeng maachen. Vill Leit vergiessen awer, dass si den CSA all Joers erneiere mussen.

Et gi Fäll, wou Familljen dëst vergiess hunn an dann e puer Méint keen CSA haten an dann de vollen Tarif vun der Kannerbetreiung bezuele mussen, wat dann e puer dausend Euroen op ee Schlag sinn, wat vill Familljen net bezuele kënnen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Ass et méiglech, fir een CSA, deen ausgelaf ass, réckwierkend ze verlängeren?
   Falls nee, firwat gouf dat net an de System vum CSA agebaut a wäert dëst gemaach ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1751 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen**

Zwee Méint éier de Kontrakt Chèque-service accueil ausleeft, kréien déi Concernéiert zesummen mat de Rechnungen déi hinnen all Mount geschéckt ginn, e Rappel, datt de Kontrakt gegeebenefalls erneiert muss ginn. Ausserdeem hunn d'Betreiungsstrukturen an och d'Gemengen d'Méiglechkeet, de Leit e Rappel ze schécken. Déi meescht applizéieren dëst och, et ass awer keng Obligatioun.

De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend acceptéiert eng Refacturatioun fir déi Zäit, wou de Kontrakt ausgelaf ass, begrenzt op dräi Méint. Déi Fäll, déi den honorabelen Deputéierten hei beschreift, kënnen also iwwer dëse Wee evitéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 11. Februar 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH